Lëtzebuerger Guiden a Scouten

D'Wandrous

1) Symbolik

Déi verschidden Himmelsrichtunge symboliséieren :

- d'Fräiheet
- d'Diversivitéit vun de Méiglechkeeten déi mir hun
- all Wee féiert anzwousch hin

De Kreess symboliséiert :

- déi verschidden Eegeschaften déi an ons dra sin
- d'Ganzheetlechkeet vum Mensch mat all senge Stärkten a Schwächen

Dee méi groussen, no uewen geriichtene Feil symboliséiert :

- d'Richtung fir déi mir ons entscheed hun an déi mir och probéieren duerchzezéien



Däichter an Hell symboliséieren :

- dat Gudd an dat Schlecht läit esou no beieneen an as awer diametral géigeniwwer

2) Wat as d'Wandrous ?

D'Wandrous steet fir de perséinleche Fortschrëtt deen de CaraPio a sénger CaraPio-Carrière gemach huet, besonnesch an der Zäit nodeems hien/hatt säin Engagement ofgeluecht huet.

annexe/methodesches/wandrous

Dat heescht am Kloertext, déi Zäit analiséieren, déi nom Engagement verstrach as, sech an Erënnerung ruffen zu wat een sech senger Zäit engagéiert huet, an driwwer nodenken op een dëst, säin Engagement, geliewt huet.

Lo as et awer sou, dass de Mënsch sech mat der Zäit weiderentweckelt, e mecht Fortschrëtter. Et kann also sin, dass engem déi Objektiver, déi een sech beim Engagement gesat huet, nët méi duer gin oder dass een aaneren Objektiver nogeet. Och dëst as am Sënn vum perséinleche Fortschrëtt ze gesin, ënnert der Viraussetzung dass dës Entwecklung positiver Natur as.

3) Wéini kritt de CaraPio séng Wandrous ?

Dem CaraPio-Staff seng Roll as elo déi, dass hién séng CaraPio gelegentlech soll un hiert Engagement erënneren, wann dat ubruecht oder néideg as. Hién soll si drop hiweisen, dass si och sollen un d'Wandrous denken, dh och zwëschenzäitlech sech un hiert Engagement erënneren a souzesoen en Zwëschebilan maachen, fir ze kucke wou si stin a wéi et mat hirem Engagement steet.

De Werdegang soll dee sin, dass de CaraPio sech séng Wandrous selwer ufreet, an dëst ca 1 Joer no sengem Engagement.

Dorops hin sollen dann de CaraPio-Staff dem CaraPio nach eng kéier an d'Gediechtnis ruffen wat d'Bedeitung vun der Wandrous as.
Dest fir him den Ustouss ze gin fir selwer nach eng kéier u säin Engagement zreckzedenken dat en virun engem Joer ofgeluecht huet, an ze décidéieren op Hién se dann lo verdengt huet oder net.

As dëst de Fall, sou steet enger feierlecher Iwwerreechung vun der Wandrous näischt méi am Wee.

4) Wéi kënnt de CaraPio elo zu sénger Wandrous ?

D'Wandrous soll dem CaraPio awer net nëmmen einfach esou an de Grapp gedreckt gin. Et as wichteg ervirzesträichen, dass de CaraPio e perséinleche Fortschrëtt gemach huet. Hei kann een dann speziell Saachen ernimmen, déi och villäicht esou déi aner CaraPio motivéieren.

Et as wichteg, dass de Kader vun esou enger Iwwerreechung feierlech as. Et soll e ganz perséinleche Moment fir de CaraPio sin, wou him duerch dëst Ofzeechen séng Efforen a säin Engagement, déi zu séngem perséinleche Fortschrëtt gefouert hun, gewürdegt gin.

5) Wou kënnt d'Wandrous hin ?

Laut de Statuten a Reglementer vun den LGS kennt dest Oofzeechen op de lenken Arm.

6) Op wat as opzepassen ?

Dem CaraPiostaff seng Roll as fir dem CaraPio den Ustouss ze gin fir:

- a sech selwer eranzekucken an sou dat Engagement wat Hién am läschte Joer gewisen ze analiséieren fir kennen ze entscheeden op Hién d' Wandrous verdengt huet.

Wichteg as dass de CaraPio selwer décidéiert an des décisioun och respektéiert get.

Och wann dat net onbedengt d'Mehnung vum CaraPiostaff as.

annexe/methodesches/wandrous